

CONCERT-  
SPEKTAKEL

DU LITTY DO!



LETZEBURGER THEATERBIBLIOTHEK. — No. 135


CEDOM  
ALM  
1006

# MANYLA

CRÉE'ERT VUM LITTY

TEXT A MUSEK VUM LOUIS PETIT.

45076  
150-11-22



All Rechter virbehälen..

Preis: 62½ Centimes.

Letzeburg.  
Egentom vun der Drekeri Linden & Hansen.  
1917.

LETZEBURGER THEATERBIBLIOTHEK. — No. 133.


CEDOM  
ALM  
1008

# ROSALIE

CRÉE'ERT VUM LITTY

TEXT A MUSEK VUM LOUIS PETIT.

45024  
150-11-22



All Rechter virbehälen.

Preis: 62½ Centimes.

Letzeburg.  
Egentom vun der Drekeri Linden & Hansen.  
1917.



## >> Inhaltsverzechnes <<

Virwuert .....	04
D'Lidder aus dem Spektakel Du Litty Do! .....	06
De Pierre-Toussaint Stefani, genannt 'de Litty' (1872-1932) .....	08
De Litty a senger Zäit. ....	12
De Lëtzebuenger Lidderrepertoire vum Litty .....	30
Participanten .....	32
Impressum .....	34

Geleeëntlech héiert een d'Leit nach soen: ‚Wat ass dat e Litty‘, ‚Hien (oder hatt) behélt sech wéi e Litty‘ oder ganz einfach an der direkter Uried ‚Du Litty do!‘. Mat gréisster Warscheinlechkeet bezitt sech deen Ausruff op den historesche Personnage Pierre-Toussaint Stefani (1872-1932), deen zu Lëtzebuerg ronderëm den Éischte Weltkrich énnert sengem Kénschtlernumm Litty um Héichpunkt vu senger Popularitéit steet. Seng Spiichten, seng Schnoken, seng spatz, frech a frivol Liddercher oder seng beléifte Bünfigur, de Piou-Piou, den naiven Zaldot, géifen déi agangs ernimmten Ausdréck begrënnen.

Am Joer 2022<sup>1</sup> sinn et 150 Joer hier, datt de Pierre-Toussaint zu Lëtzebuerg op d'Welt kënnt. Gefeiert gëtt dëse Gebuertsdag mat engem Spektakel, deen dem beléiften Entertainer, deen an enger fir Lëtzebuerg spannender Zäit gelieft a gewierkt huet, gedenkt.

Zanter 2014 gëtt d'Lëtzebuenger Nationalbibliothék hir didaktesch Heftserie *De Litty*, zum Thema Musek zu Lëtzebuerg, fir Grondschoulen a Lycéeën eraus. Zanter 1998 organiséiert den lechternacher Kolléisch, op Initiative vu mengem Kollege a Mentor Jean-Marie Kieffer (1960-2023), a reegelméissegem Ofstänn gréisser, hausgemaache Spektakele resp. Musicals, déi vun der Schoulgemeinschaft ëmgësat ginn. Zanter 2014 fannen dës Opféierungen am lechternacher Trifolion<sup>2</sup> statt, dee seng Bün besonnesch gär fir jonk Leit a ‚pädagogesch wäertvoll‘ Projeten zur Verfügung stellt. An esou engem Fall kann een deen anere gutt gebrauchen an d'Zesummenaarbecht tëscht dësen dräi Institutionen erméiglecht dësen Hommage un de Litty.

Fir d'pädagogesch Ateliere vun der BnL ass dem Zeechner Andy Genen seng Illustratioun vum Litty vum Lëtzebuenger Bünkënschtler a Clown Joe Del Toe zum Liewen erwächt ginn. Säi weibliche Pendant, d'Bobby, duergestallt vun der Schwäizer Clownin Jacqueline Bischofsberger, mécht aus dem Duo FLOTT, an deem de Joe zanter Jore mam Georges Urwald Lëtzebuenger Lidderrepertoire presentéiert, den Trio FLOTT. De grouse Chouer vun der Schoulgemeinschaft vum lechternacher Kolléisch, an deem esouwuel Schüler, Proffen, Elteren, ewéi ‚Ancienen‘ matsangen, kommentéiere mat originalen, passende Lidder aus dem Litty

senger Zäit d'Rees duerch d'Lëtzebuenger Geschicht. D'Protagonisten aus dem Spektakel ewéi de Litty, d'Bobby, de Pappa Amberg, d'Spëtzbouwe ronderëm de Poutty Stein, de klenge Georgely oder d'Entertainer Auguste Donnen an d'Gebridder Housse hunn nei Liddercher geschriwwen kritt. De Chouer gëtt begleet vun der Bobby Band, déi aus fréiere Schüler besteet. De Piano klénge no Bistro, den Akkordeon no Strooss, d'Bassgei no Bün an d'Batterie no Fouer, alles Plazen, wou de Litty an d'Bobby opgetruede sinn a Fluchblieder mat hire Repertoirelidden verdeelt hunn, fir datt d'Leit kënne mat- oder d'Lidder doheem nosangen.

Schoulprojete wënsche sech e gewësse Léiereffekt. Esou sammelen all Participanten Erfarungen a Saache Virbereedungen, Prouf-aarbecht, Optrëtt a Bünpräsenz. Am Spektakel *Du Litty Do!* léiere si Personnage kennen, déi duerch hir Wiesen an hir Konscht, feste Bestanddeel vun der Kultur zu Lëtzebuerg sinn. Si entdecken bekannte a manner bekannte Lëtzebuenger Lidder an hirer Zäit. D'Rees duerch dem Litty säi Liewen ass gläichzäiteg eng kleng Lëtzebuenger Geschichtsstonn an d'Zesummenaarbecht tëscht professionellen Acteuren an Amateuren ass fir béid Säite léierräich.

Ech soen alle Bedeelegten, op an hannert der Bün, alle Partnerinstitutionen an de Sponsoren e grouse Merci a wënschen eis all vill Freed beim Litty a beim Bobby hirer Rees duerch hir Zäit.


An deem Sënn, Salitty!

### Georges Urwald

Museksproff am LCE / Prof. détaché an der BnL

<sup>1</sup> Wéinst der Covid-Pandemie ass de Spektakel, dee fir Mee 2022 geplangt war, op d'Joer 2023 verluecht ginn.

<sup>2</sup> Vun 1998-2009 sinn d'Musekspektakelen an der lechternacher Basilika.



## 1872-1900

- 01** Zu Lëtzebuerg stoung d'Siegfriedsschlass (Edmond ‚Dicks‘ de la Fontaine, 1889)
- 02** Lëtzebuenger Aarbechterlidd (C.M. Spoo, ëm 1900)
- 03** De Feierwon (Michel Lentz, 1859)
- 04** An Amerika (Michel Lentz – Edmond Lentz)
- 05** Ech sinn e groussen Hexemeeschter (Edmond ‚Dicks‘ de la Fontaine, 1855)
- 06** Manyla (Louis Petit, 1916)
- 07** Ons Heemecht (Michel Lentz – Jean-Antoine Zinnen, 1864)
- 08** 't si vill schéi Rousen an der Stad (Edmond ‚Dicks‘ de la Fontaine, 1870)
- 09** Den Hämmelsmarsch (Michel Lentz, 1861 – trad.)
- 10** Georg'ly, Georg'ly dréi (Georges Urwald, 2002, 2020)

## 1900-1914

- 11** Emanzipatioun (Eugène Forman, 1912 – Franz Lehar)
- 12** De Jummdeckel vum Cabinet (De Chapeau claque) (onbekannt – Georges Urwald, 2023)
- 13** Géint de Meedercherskolléisch (Batty Weber, 1910 – trad.)
- 14** Verloosst (Louis Petit, 1917)
- 15** Vu Parais erëm (Poutty Stein – Louis Beicht, 1915)
- 16** Bobby, reech mer nach eng Kippchen (Georges Urwald, 2021)



## 1914-1918

- 17** Vive ons Arméi (Guill Lauff, 1913 – Harry Fragson)
- 18** Kettenhändler & Cie (Poutty Stein, ëm 1915 – Albert Chantrier)
- 19** De Poutty, de Jempy, de Batty, de Sepp an de Max (Georges Urwald, 2015)
- 20** Li La Loutsch (Poutty Stein, 1916 – Paul Lincke)
- 21** D'Hechtercher aus der Stad (Louis Petit, 1915 – Vincent Scotto)
- 22** D'Dreschmaschinn (Tony Hurst – Louis Lust)
- 23** De Kautschuswupp (Litty (?)) – Jules Vercolier)
- 24** De Pappa Amberg (Georges Urwald, 2021)



## 1918-1932

- 25** D'Amerikaner (Guill Lauff – Louis Beicht, 1918)
- 26** Jazzband (Guill Lauff – Pierre Faber, 1922)
- 27** D'Lidd vum Théiwesbuer (Fritz Weimerskirch – unbekannt)
- 28** D'Lidd vun der Faillite (Jempy Welter, 1933 – Werner Richard Heymann)
- 29** D'Lëtzebuenger Spezialitéiten (Auguste Donnen – René de Buxeuil)
- 30** Donnen Housse (Georges Urwald, 2021)
- 31** Zwee gelunge Musikanten (Pierli Housse – unbekannt)
- 32** Du Litty do! (Georges Urwald, 2017)

Georges Urwald

**Litti M.: 1)** „Zieraffe“ – cf. Liri; **2)** „Name eines luxemburgischen Variétésängers, um 1915-1920 (Lutty?), der bei der Kirmes und an sonstigen Festen selbstverfasste Lieder, auch Chansons anderer Autoren vortrug“ - e stellt sech wéi de L.

Luxemburger Wörterbuch in 5 Bänden, Luxemburg 1950-1977, Band III, S.56

„Name ... (Lutty?) ...

„Ob si sai richtege Vir- an Hausnuem wéissten? Ma kee konnt mer et soen, well den Nuem Litty, jiddwerengem esou geläufig wor, datt emol keen u sai Vir- a sain Hausnuem duecht. (...) ‚Hie wor och e richtege Litty, well en als Mënsch esou eeschlech lëschteligeweg a liicht gesënt wor.“<sup>1</sup> De Pierre-Toussaint Stefani gëtt sech säi Kënschtlernumm, esou de Léon Moulin, selwer. Säi Papp ass Fransou a gëtt op der Insel Korsika, wou den Numm Stefani staark verbreet ass, gebuer. Hien desertéiert virum franséische Militärdéngscht, flücht a gëtt ‚représentant de commerce‘ zu Lëtzebuerg.<sup>2</sup> Hei léiert hie seng zukünfteg Fra, d’Marie Speidel kennen. Wou an a wéi engem Zesammenhang den Numm Lutty méiglecherweis verbreet ass, ass net nozeweisen. Eng Figur Luti oder Lûti ass Bestanddeel vu ville Witzer a Schnoken an der satirescher Zäitschrëft *De Gukuk* (1922-1934).

... eines luxemburgischen Variétésängers ...

No senger Zäit an der Friemelegioun an Afrika, wou hie wuel, „fir seng Komeroden z’ameséieren, Sketcher gespillt a Chansoné gesong huet, an dat virun allem an der franséischer Sprooch an am franséische Geescht“<sup>3</sup>, gëtt de Pierre-Toussaint Stefani zu Lëtzebuerg séier professionelle Variété-Artist<sup>4</sup>: hie verzielt, séngt

a spillt. „Hie wor net nëmmen e gudde Variété-Artist, dee sech senger Lidder no unzedonken an ze schminke wousst, iewer hie wor d’meescht dee feinen, nobelen, intelligente Litty. (...) Hie koum wéi aus der Liedchen am Frack op d’Bün, wann e seng ierscht a lëschtelig Lidder zum beschte gouf. De Litty wor déi Zäit heiheem esou eppes ewéi e Klänge Maurice Chevalier (franséische Chansonnier a Schauspiller, 1888-1972), an d’Stater Leit, jonk an al, wore frou mat him, well hien se ëmmer esou gutt z’ameséiere wousst.“<sup>5</sup> Besonnesch ënnerhalsam ass seng Roll vum *Piou-Piou*, dem naiven Zaldot. Hei ass de Litty ee vu villen, déi virun allem an der Zäit virum Éischte Weltkrich de franséischen ‚Chanteur comique‘<sup>6</sup> Polin (Pierre Paul Marsalès, 1863-1927) a senger iwweeraus erfollegräicher Roll als ‚Comique troupier‘ imitéieren.<sup>7</sup> Wéi de Polin, huet och de Litty als eenzegem Accessoire op der Bün e karréiert Nuesschnappesch „qu’il utilisait pour se cacher, comme gêné de sa givoiserie ou de sa naïvité feinte.“<sup>8</sup> Seng Déngschtzäit beim franséische Militär dierft och eng Inspiratiounsquelle fir den Troupier gewiescht sinn. De Litty bitt de ‚Repertoire parisien‘ resp. Polin oder de Lëtzebuurger Repertoire un, eleng, am Duo mat der Victorine Chalois, alias Bobby (1895-1988), am Trio (Trio Litty) oder mat enger Trupp (z.B. Trupp Litty-Renaud, Troupe de fin de siècle).

De Litty séngt a schwätzt éischt Schellackplacken op Lëtzebuergesch an. „Es gab da zum Beispiel eine heute unauffindbar gewordene Schallplatte von ihm, übrigens eine der allerersten luxemburgischen überhaupt, auf deren einen Seite ein Lied des Titels

<sup>5</sup> Moulin, Leo: *De Variété-Artist ‚Litty‘ an: Eis Sprooch*, XIII. Joer, 1974 Nr. 5, S. 4

<sup>6</sup> „Le personnage qu’il incarnait était le tourlourou ou le pioupiou (...) Sur scène, il était le simple soldat, vêtu de l’uniforme d’avant 1914, large pantalon rouge garance à basanes et veste bleue, le képi de travers, l’air à la fois malin et naïf. Il chantait, sans jamais le rendre ridicule, les joies simples du troupier qui gagnait un sou par jour, les petits maux de la vie de garnison, les sorties du dimanche“ ... op: <https://appoline.pagesperso-orange.fr/Polin/Cafcon.html>

<sup>7</sup> „Polin régnait dans les salles de café-concert. Son nom figurait en tête d’affiche des caf’-conc’ parisiens les plus réputés, où il a créé des centaines de chansons. Irrésistible, inimitable, exilarant, désopilant, inénarrable, les superlatifs ne manquaient pas pour qualifier cet artiste qui avait su, grâce à sa finesse et à sa bonhomie, donner ses lettres de noblesse au ‚comique troupier‘“ op: <https://appoline.pagesperso-orange.fr/Polin/Polin.html>

<sup>8</sup> <https://appoline.pagesperso-orange.fr/Polin/Cafcon.html>

*De Jhumdeckel vum Cabinet*<sup>9</sup> war und auf der andern ein unehrerbietiges zweideutiges Chanson vum *Daiwel an der Hell*.<sup>10</sup> De *Centre national de l’audiovisuel* (CNA) conservéiert eng Schellackplack vun der Firma Beka-Grand-Record, Label vu Berlin (1905), op där de ‚Monsieur Litty – comique international‘ zwee Witzer verzielt: *Wéi ech noch zu Letzeburg Saldot wor* (No. 12845) an *Zwéi Bauern an der Stad* (No. 12846). Och als Bauchriedner trëtt de Litty op<sup>11</sup> oder leet als artisteschen Direkter Variété-Shows<sup>12</sup>.

... um 1915-1920 ...

Op d’Welt kënnt de Litty de 16. Januar 1872 zu Lëtzebuerg. Seng Mamm ass d’Marie Speidel, seng Schwëster ass ass d’Suzanne Stefani (1875-1955). Per Akt vum 19. Januar 1893 kritt hien d’Lëtzebuurger Nationalitéit. De 6. Dezember 1913 bestuet hien, no der Scheedung vun der Maria Wagner, d’Artistin Pauline Blomiser vu Metz (1885-1965). Spéitstens ronderëm den 1. Weltkrich kennen zu Lëtzebuerg Jonk an Al de Litty. 1923 zitt hie sech aus dem Variété-Geschäft zréck, fir fir eng kuerz Zäit (Abrëll 1923 - Oktober 1924) en anert Geschäft ze bedreiwen: e Restaurant, eng Bodega *Chez Litty* zu Munneref. Duerno wunnt hien erëm mat senger Fra an der Stad, op der Arelerstrooss, vun 1925 un op der Plëss d’Armes. De 27. Januar 1932 stierft de Litty un enger Blutvergiftung am Spidol St. François um Fëschmaart zu Lëtzebuerg. Den 30. Januar 1932 gëtt hien um Nikloskierfecht bäigesat<sup>13</sup>, wou 56 Joer méi spéit och seng Duopartnerin Bobby begruewe wäert ginn. Et si keng Kanner vum Litty bekannt. „Der Verstorbene war eine stadt- und landbekannte Person gewesen,

<sup>9</sup> ënnert dem Titel *De Chapeau claque* ze fannen an: *De Letzeburger* (1893/4/1), Jg. 1, Nr. 14, S. 2

<sup>10</sup> Friedrich, Evy: *De Litty an: Tageblatt* (1977/2/12), Nr. 36, S. 11

<sup>11</sup> Annonce *Op der Sté an: De Letzeburger*, (1893/8/19), Jg. 1, Nr. 34, S. 3

<sup>12</sup> Annonce an: *Luxemburger Bürger- und Beamtenzeitung* (1913/8/23), Jg. 15, Nr. 102, S. 4

<sup>13</sup> Feld 25, 5. Rei, Nr. 8 - d’Graf gëtt et net méi. D’Pauline Blomiser an hiren neie Mann, den Nicolas Lamesch leien am selwechte Graf. 1981 ass et un d’Gemeng gaangen, well d’Famill Lamesch d’Grafkonzessioun net verlängert huet. Dem Litty seng Duopartnerin Victorine ‚Virgini‘ Chalois (Bobby, 1895-1988) ass och um Nikloskierfecht begruewen (Feld 18, 3. Rei, 6. Graf, Nr. 1836).

die in früheren Zeiten manchem eine frohe Stunde verschaffte, die zu ihren Glanzzeiten einfach nicht wegzudenken war, die in den trüben Tagen des Krieges, als ringsum die Grenzen gegen jede leichtgeschürzte Muse abgedichtet waren, half, den Kanonendonner vergessen.“<sup>14</sup>

... der bei Kirmes und an sonstigen Festen ...

De Litty trëtt queesch duerch d’Land op, wéi aus etlechen Zeitungsannoncen ervirgeet: am Joer 1899 an der Villa Amberg am Stadpark, 1901 op der Schueberfouer mat senger ‚Troupe Litty‘ mat Artisten aus Theateren vu Paräis a Bréissel, 1912 am Café Mille Colonnes, ‚beim Eugène‘ op der Gare, 1916 fir Halleffaschte-sonndeg am Sall J. Sertznig-Konter op der Maartplaz zu Gréiwemaacher oder 1917 fir d’Laurentius Kiermes zu Dikrech an der Taverne des Sports. „Mir erënneren äis nach, datt e kuerz nom 1. Weltkrich all Joer op der Fouer opgetratt ass. Mir waren déi Zäit beim Monni an der Stad an der Vakanz an da war ëmmer vum Litty senger Rieds, wa mer mat de Koséngen iwwe d’Fouer gaang sinn a beim Amberg sengem Etablissement laanscht koumen. De Monni huet dann zu der Tatta gesot: Kuck, mir géifen elo jo nawell de Litty lauschtere goen, wa mer d’Kanner net bei äis hätten.“<sup>15</sup>

... selbstverfasste Lieder, auch Chansons anderer Autoren vortrug.“

Nieft e puer selwergedichten Texter, séngt de Litty nieft enger Rei franséische Chansons, eng etlech, och gare méi ‚defteg‘ Texter vu Lëtzebuurger Auteuren. „Von Litty lanziert zu werden bedeutet Erfolg.“<sup>16</sup> Erfolleg haten domadden och Auteuren ewéi Tony Hurst (1892-1968), Poutty Stein (1888-1955), deem seng éischt Texter de Litty interpretéiert, Louis Petit (1890-1953) a Guillaume Lauff (1890-?). Hir Texter sinn an den allermeeschte Fäll op bekannte franséisch Melodië geschriwwen. Geleeëntlech vertoune Lëtzebuurger Komponisten ewéi Louis Beicht (1886-1943), Jean

<sup>14</sup> anonym: *Die Toten der Heimat an: Jonghémecht* (1932/4/1), Jg. 6, Nr. 4, S. 123

<sup>15</sup> Blasen, Léon: *De Pierre-Toussaint Stefani genannt de Litty an: Télécran*, 31.5-6.6.1986, Nr. 22, S. 15

<sup>16</sup> Friedrich, Evy: *De Litty an: Tageblatt* (1977/2/12), Nr. 36, S. 11

Faber (1870er-no 1948) oder Louis Petit nei Texter fir de Litty. „Kein luxemburgisches Liedchen wurde gedichtet und vertont, das er nicht lanziert hätte“ muss relativéiert ginn, beschreift awer e verklärte Gefill, wat an der Doudesannonce vum Pierre-Toussaint Stefani an der Jonghémécht publizéiert gëtt.<sup>17</sup>

Vill vum Litty senge Lidder spigele Lëtzebuerger Zäitgeschicht erëm, ewéi *Manyla* (iwwert Kolonialgeschicht) oder *Kettenhändler & Cie* (iwwert d'Schmuggler am Éischte Weltkrich), anerer besangen den Alldag (*Eng Rees am Jangeli no Mondorf*), Enttäuschungen duerch d'Leift (*An den näischnotz'ge Bléck am Gesiicht*) oder maachen de Geck mat onser Arméi (*Vive ons Arméi*), mam Déngschtmeedchen (*Vu Paräis erëm*) oder mam Ausgesi vu Persounen (*Neen, déi Schnëss*). „Déi Liddercher gouwen a menge jonke Joren och ‚Kapp-Plooschter‘ genannt, well s'esou gutt am Kapp hänke blouwen.“<sup>18</sup>

„Wann een un all déi Lidder denkt, déi mer deemools dem Litty ofkaaft a gesongen hunn, trëllen d'Gedanken engem hannescht bis an de gëllene Jonktëm, wéi een esou grad op der Nuef de Wiertshaus-Alter hat, an d'Aen engem esou gier un de schéine Meedercher hänke blouwen.“<sup>19</sup>

„Tja, an elo misst ech lech och bal soen, wéi där Liddercher eent eropkoom, wuerfir deen een oder deen aneren, d'Iddi krut fir d'Fieder an d'Tëntefaass ze zappen. Fréier op de Kiermessen hunn d'Duerfjongen et fir der Jomer net gir gesinn, wa Stiets- oder Nopeschdurfjongen ze dack mat deene schéinste Medercher gedantz hunn. Uuu, da wor huerteg d'Feier am Daach, an et gouf Kläpperei. Fir dem Streit da lass ze ginn, koom de Wiert mam Kautschuwupp, huet dem Straitmécher der e puer iwwer de Rosch gebootscht an en zur Dier ausgelicht. Aus enger Kiermeskläpperei huet e Schnokert d'Lidd vum Kautschuwupp gemacht, dat vum

<sup>17</sup> anonym: *Die Toten der Heimat* an: *Jonghémécht* (1932/4/1), Jg. 6, Nr. 4, S. 123  
<sup>18</sup> Moulin, Leo: *De Variété-Artist ‚Litty‘* an: *Eis Sprooch*, XIII. Joer, 1974, Nr. 5, S. 4  
<sup>19</sup> Moulin, Leo: *De Variété-Artist ‚Litty‘* an: *Eis Sprooch*, XIII. Joer, 1974, Nr. 5, S. 4

Litty gesongen, ageschloen huet ewéi Blëtz mat Klëppelsteng. Haut géif esou e Lidd ‚Schlager‘ oder ‚Hit‘ genannt; dat ass wuel kee Lëtzebuerger Numm, och net, wann een Aschléier (mat kuerz ausgesprochenem ‚A‘, wann ech gelift) duerfir soe misst, wann et sech och nach esou gutt bei de Kautschuwupp guede géif, well dee jo nëmme mat ‚Schléierei‘ ze donken huet, wa mer am Liddchen, dat deemols därmoossen ageschloen huet, sangen:

Du hëlft de Mätt de Kautschuwupp  
a facht him eng, krënondidjupp!  
Gaangs drop du wor et him scho leed,  
wéi hie gesinn, wat hie gemeet,  
well vun deem décke Kautschuwupp,  
do krut dee sou eng Knupp!<sup>20</sup>

<sup>20</sup> Moulin, Leo: *De Variété-Artist ‚Litty‘* an: *Eis Sprooch*, XIII. Joer, 1974, Nr. 5, S. 5

## De Kautschuwupp

Text: Litty (?) - Musek: Jules Vercolier, 1911  
op d'Weis *Peuple chante*

1. D'Lët - ze - buer - ger Vol - lek ass be - kannt a gier ge - sinn,  
2. Ass den Danz e - riw - wer, trël - len all be - sof - fe Mann,  
3. Méin - des gëtt meescht blo ge - mat, well 't huet een 't an de Been.  
4. D'Liss - chen an den Nic - ki gong - en och mol mat - e - neen

't ass keen, dee sech lom - pe léisst, wann 't heescht en Hum - pe ginn.  
't ass no Fei - er - o - wend, d'Fra - leit schwenk - en han - nen - drun.  
D'Fra déi wie - dert mat dem Mann, si si stéits han - n'ré - neen.  
op ee schéi - ne Sonn - deg an de Park 'ran han - nert d'Beem.

Kommt dir an e Sall, g'sitt dir iw - wer - all, d'Leit  
Do op eng - em Eck, fält, o non - di - vreck ee  
Sa - ker - non - di - kass, wat eng dré - che Strass vun  
Do op eng - er Bänk, sou - ze si e - leng an

op - ge - stopp - te voll.  
flatsch - deg an den Dréck.  
deem ver - damm - te Schnaps.  
zie - len al - ler - hant Spréng.

D'Mu - si - kan - te blo - sen do hir Nou - ten ou - ni Blat,  
Han - nen an der Gäs - sel - chen, do steet mam Bie - sem - stromk, dem  
Nie - we seng - em Bett, do blénkt e Pull am Mue - res - rout,  
Komm, sot do den Néc - kel - chen, so Liss - chen, komm mol hier.

't ass grad eng schéi Schot - tesch a gleich jup - pelt al - les mat.  
Néc - kel - chen sai Bär - bel - chen, si huet d'Wuert op der Zong:  
't wor, 't seet een e 'Käl - lef chen' op Lët - ze - buer - ger Moud.  
Hei, huel dë - se Rank, du weess, ech hunn dech dach sou gier.

Do un eng - em Dësch, kritt, krë - non - di - djëss, den  
Al ver - sof - fe Kou, ech ma'n dir mol Rou a  
Hei do fong si un, heet him eng op d'Dunn, due -  
An ech si ge - wëss, du bass guer net béis, komm

Néc - kel eng an d'Schnëss! 1.-3. Knatsch, ha - te si sech scho beim  
si mam Stronk heet zou! 4. Knatsch, ha - te si sech schonn um  
rop leeft si der - vun!  
géff mir eng kleng Bees.

Hals a knut - sche sech, krë - non - di - kass. Do hëlft den Nick de Kaut - schus  
Hals a knut - sche sech, krë - non - di - kass. Do hëlft den Nick dem Liss seng

wupp a mécht der - bai, o non - di - schlupp. Gleich drop, do wor et  
Hand a riff: Du main een - zeg léift Kand. Gleich drop, do wo - re

him scho leed. Hien huet ge - sinn, wat hie ge - meet. Kuckt mat dem  
si be - reet ze dee - le mat - e - neen all Leed. Kuckt d'Lie - wen

déc - ke Kaut - schus - wupp, do gouf et sou eng Knupp, o jupp!  
ass jo ganz char - mant am Lët - ze - buer - ger Land, char - mant!

# >> De Litty a senger Zäit <<


Georges Urwald

## 1872-1900

1872: E klenge Litty kënnt zu Lëtzebuerg op d'Welt.  
1932: E grouse Litty verléisst dës Welt.

Pierre-Toussaint Stefani - Stefani, en typeschen, korschen Numm, säi Papp Toussaint ass e Kors. Seng Mamm Marie ass Lëtzebuergerin. Déi zwee léiere sech zu Lëtzebuerg, wou de Papp sech virum franséische Militärdéngscht verstoppt, kennen.

Et ass d'Zäit, wou Lëtzebuerg um Wee zu enger eegener Identitéit ass, wou d'Lëtzebuerger e Bewosstsinn entfalen, zu enger eegestänneger Natioun, zu engem Gefill vun Heemecht, zu enger eegener Literatur an zu méi eegene Lidder a lëtzebuergescher Sprooch.



Hiert schéinst dat huet d'Natur ons ginn, mat Soen aus vergaang'ner Zait. Bei ons elei kënnt dir gesinn, wat een am Schwaizerland gesait. Op onse Bierger wüsst och Wain a stinn al Buerge 'wéi um Rhein" ...

*D'Lëtzebuerg Land (Edmond 'Dicks' de la Fontaine, 1889)*



Et ass d'Zäit, wou zu Lëtzebuerg, als Fuerderung am Londoner Protokoll vun 1867, d'Festung geschläift gëtt, fir d'Neutralitéit vu Lëtzebuerg ze ennersträchen. D'Stad befreit sech vu senger Festungsmaueren a ka sech lues a lues vergrësseren. Et entstinn nei Quartieren an e Stadpark mat grénge Promenaden.

Et ass d'Zäit vum Opbau an der Organisatioun vun enger gewalteger Industrie zu Lëtzebuerg: der Stolindustrie. Si schafft sech an den nächste Joerzénge bis an d'Welterspëtzt erop. Zum groussen Deel um kromme Bockel vum einfache Mann, dee mat sengem Schweess a sengem Blutt d'Fundament vum spéidere Wuelstand vum Land erméiglecht.



Aarbechtsmann waach, scho grot der Dag. Fréi eraus aus dem Bett un deng Aarbecht, déi wénkt, d'Muergerout, dat ass d'Bild vun der Fraiheet, déi blénkt" ...

*Lëtzebuerg Aarbechterlidd (Caspar Matthias Spoo – trad.)*

Esou wéi de Lëtzebuerger Wäibau profitéiert och d'Stolindustrie vun der Mitgliedschaft am däitschen Zollveräin, dee mat engem groussen, oppene Maart lackelt. Zanter 1859 rullt den Zuch duerch d'Ländchen. Hie verbënnt Bannen- a Bausseland, beschleunegt den Transport vu Wueren a vu Persounen, och vun Touristen, a béid Richtungen.



„Kommt hier aus Frankraich, Belgien, Preisen, mir wëllen iech ons Heemecht weisen“ ...

*De Feierwon (Michel Lentz, 1859)*

Ënnert dem Staatsminister Félix de Blochausen (1834-1915) gëtt am Joer 1881 zu Lëtzebuerg d'Schoulpflicht agefouert, fir d'Kanner vu 6 bis 12 Joer.

Fiert zanter 1875 schon de Päerdstram duerch d'Stad, esou dämpft zanter 1882 déi éischt Schmuelspuebunn duerch d'Landschaft, déi als Jangely, als Charly oder als Benny an de kommende Joren an all Himmelsrichtunge fueren. 1908 wäert den elektreschen Tram an der Stad agefouert ginn.



Aarmut an Hongersnout erklären déi regelméisseg Auswanderungswellen a Richtung Amerika. D'Heemecht verloossen ass mat héijem Risiko verbonnen: vill Lëtzebuerger kommen enttäuscht zrëck a mussen an hirer aler Heemecht erëm vu vir ufänken. Si hate jo alles verschierbelt, fir e Schëffsbilljee an e bessert Liewen ze kafen. Anerersäits wiere Lëtzebuerger ewéi den Hugo Gernsback, e Papp vun moderne Science-Fiction-Romanen oder den Edward Steichen, de berühmte Fotograf, warscheinlech net esou bekannt ginn, wann hir Familljen zu Lëtzebuerg bliwwen wieren.

„Wéi hunn ech d'Hierz 'sou wéi, gëtt mir main Daach vu Stréi a mengem Duerf erëm, ech ginn iech alles drëm“ ...

*An Amerika (Michel Lentz – Edmond Lentz)*



Den ‚Hexemeeschter‘ Dicks, viru genee 200 Joer gebuer, stierft am Joer 1891 zu Veianen, kuerz nodeem 1890 d'Personalunioun Nidderlande-Lëtzebuerg op en Enn geet a Lëtzebuerg mam Adolphe de Nassau-Weilburg säin eegene Groussherzog kritt a kuerz éier zu Ouljen 1893 de leschte Wollef vum Jeeër mam passenden Numm Edouard Wolff erschoss gëtt.

„Ech sinn e groussen Hexemeeschter, well, wann ech Hokespokes so'n, sinn all Gespenster, 'wéi all Geeschter, mir ënnerdo'n“ ...

*Ech sinn e groussen Hexemeeschter (Edmond ‚Dicks‘ de la Fontaine, 1855)*

Den Dicks ass net méi do. Seng Lidder wuessen an de kommende Joren zu ‚Eiweggrénger‘ erun: *D'Pierle vum Da, Et wor emol e Kanonéier, 't si vill schéi Rousen an der Stad, ...*


De Pierre-Toussaint huet sech an d'franséisch Friemelegioun gemellt an ass an Nordafrika stationéiert. Hei kritt hien Iddie fir seng spéider erfollegräich Bühnroll als naiven Zaldot, de Piou-Piou. Huet hie sech hei och an dat flott afrikanescht Meedche Manyla verléift?





„Manyla, du main hierzegt Kand, dir zur Léift ass main Hierz entbrannt. Gleeft, ech kann, wann ech dir et so'n, net méi vun dir go'n“ ...

Manyla (Louis Petit, 1916)



Wou d'Uelzecht duerech d'Wisen zéit, duerch d'Fielsen d'Sauer brécht, wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit, den Himmel Wain ons mécht“ ...

Ons Heemecht (Michel Lentz – Jean-Antoine Zinnen, 1864)

No senger Militärszeit, déi wuel virun allem doraster bestanen huet, d'Zaldoterkollegee vun der Legioun ze ënnerhalen, fënnt de Litty, hien huet sech den Numm wuel selwer ginn, zu Lëtzebuerg seng definitiv Heemecht tëscht Sauer, Musel an Uelzecht. 1893 kritt de Litty e Lëtzebuurger Pass.

Eng vun den éischten Annoncë vum „Litti“ an der Dagespress, an: *De Letzeburger* (1893/8/19), Jg. 1, Nr. 34, S. 3

„Op der Sté.“  
 Nächsten Sonntag: **Grües Concert** der in lester Zeit so berümt gewordenen Gesellschaft „Club des sacs à vent.“  
 PROGRAMM.  
 1. Heltede, Thema: Wann en d'Méchercher kann op d'A drécken. Firgedrön fum Präsident fum Club.  
 2. Drei Echelen a Ferzweiflung. Firgedrön fum Edi.  
 3. Mei Liéwe fir en Humpe Béer. Firgedrön fum Pity.  
 4. Wann en al get, da get é granzég. Firgedrön fum Läss.  
 5. T'gét neischt iwer eng Pompéuniform. Firgedrön fum Jang.  
 6. Wie freis gët, siéw an Civil geklét. Firgedrön fum Haré.  
 7. Drei Fraiesche muss en lun. Firgedrön fum Jaques.  
 8. Der Deiwel soll d'Jalóshét hüolen. Firgedrön fum Benn.  
 9. Ziehlte nit da ist er schon, der verlichte Nachbarschaft. Firgedrön fum Noper Jämpi.  
 Zum Schluss: Auftreten der beiden Billaprofessoren Edi und Jang.  
 Die Zwischenpausen werden ausgefüllt durch den „Litti“ als Vaudredner und den „domino Jang“ vulgo August\* in feinen nach nie dagesewenen Schlußkünsten.  
 Mitglieder sind frei. Fremde zahlen die Hälfte.

Am Joer 1896 organiséiert de Lëtzebuurger Foto- a Filmpionéier Jacques Marie Bellwald vun Iechternach, Schüler vum Charel Bernhoeft, am *Hôtel du Cerf* zu Iechternach déi éischt Filmvirfierung zu Lëtzebuerg - *L'arrivée d'un train en gare* vun de Gebrüder Lumière. Eng Sensatioun: Biller, déi sech op magesch Aart a Weis beweegen!



Um Enn vum 19. Joerhonnert ass d'Lëtzebuurger Rousenindustrie weltbekannt. Honnerte vun neien Zorte gi vun de sougenannte *Rousebattien* zu Lëtzebuerg geziicht. Lëtzebuurger Rousenziichter ewéi d'Gebrüder Ketten oder d'Häre Charles Gemen a Melchior Bourg ginn international gefeiert a präméiert. Den Edmond de la Fontaine, eisen Dicks, schreift eent vun eise bekanntste vun de ville Lidder iwwert Lëtzebuurger Rouse resp. d'Méchercher.



't si vill schéi Rousen an der Stad, 't ass keng déi mengem Iddi geet. Mee hei, bei deem verloossene Pad, do ass et, wou meng Blimmche steet“ ...

't si vill schéi Rousen an der Stad (Edmond „Dicks“ de la Fontaine, 1870)

Fir de Litty steet fest: „Ech ginn Ennerhalungskënschtler“. Géint der Enn vum 19. Joerhonnert schléit hie sech als Solokënschtler, als Sänger, als Erzieler vu Spiichten oder als Bauchriedner an de beléifte Caféen an der Stad oder iwwer Land derduerch. Hie grénnt seng *Troupe de fin de siècle*, déi d'Leit mat lëschtege Showen, vläicht vun de villen, Angscht maachende Prophezeiungen zum Joerhonnertenn oflenken. Dem Litty seng fest Plaz ass op de sëllege Kiermessen uechter d'Land, natierlech och op der alljärecher Schueberfouer.

„Hei weise si e Ris dee Sab'le frësst, an do e schwaarze Mann deen Tubak ësst; all Wonner vun der Welt déi ka mer hei gesinn, nëmmen net e Mënsch, deen iech fir naischt géif eppes ginn“ ...

Den Hämmlsmarsch (Michel Lentz – trad.)




An: *L'Indépendance luxembourgeoise* (1899/8/1), Jg. 28, Nr. 178, S. 2

La Villa Amberg. — La troupe luxembourgeoise qui vient de débiter à la Villa Amberg au Parc, nous a lancé quelques beaux numéros comiques dans les concerts de dimanche et lundi, surtout M. Litty dans son genre de «Pionniers», ainsi que les duos «Les beaux Mitrons» et «Die jüdische Scharwache». Ce soir, mardi, à 8½ heures, aura lieu le concert d'adieu de cette troupe.

A wie steet op der Fouer bei der Entrée an dréit u senger Uergel, u senger Turlatäin? De landbekannte Georges Weyer, genannt *Georgely* oder *Schorschelchen vu Maacher*. Am Lëtzebuerger Wort annoncéiert hien: „Wie alljährlich, so wird auch dieses Jahr der kleine ‚Schorschelchen‘ mit seiner Drehorgel seinen Stand auf dem Schobermeßplatze wieder einnehmen. Er bittet daher alle Meßbesucher, zur Linderung seiner großen Armut, in der er sich momentan befindet, doch ein Scherflein beizutragen, indem mit einer kleinen Gabe ein Werk der Barmherzigkeit ausgeübt wird. Der liebe Gott wird es dereinst wieder vergelten. Der kleine ‚Schorschelchen‘, alt 61 Jahre.“

„De Georg'ly vum Stued lieft op ganz klengem Fouss an ass net ganz héich, knapps ee Meterche grouss. E Su an de Beidel, de Georg'ly ass frou: De Spillmann ass do an dat kléngt esou“ ...

*Georg'ly, Georg'ly dréi* (Georges Urwald, 2002)



An: *L'Indépendance luxembourgeoise* (1909/8/28), Jg. 35, Nr. 240/241, S. 4

**Achtung! Telegramm! Achtung!**  
Wie alljährlich, so wird auch dieses Jahr der kleine „Schorschelchen“ mit seiner Drehorgel seinen Stand auf dem Schobermeßplatze wieder einnehmen. Er bittet daher alle Meßbesucher, zur Linderung seiner großen Armut, in der er sich momentan befindet, doch ein Scherflein beizutragen, indem mit einer kleinen Gabe ein Werk der Barmherzigkeit ausgeübt wird. Der liebe Gott wird es dereinst wieder vergelten.  
Der kleine „Schorschelchen“, alt 61 Jahre.

## 1900-1914


Am Ufank vum 20. Joerhonnert entstinn zu Lëtzebuerg déi éischt politesch Parteien: déi rout, d'Sozialisten 1902, déi blo, d'Liberal Liga, Virleefer vun der DP, 1904 an déi schwaarz, d'kathoulesch Vollekspartei 1914.

An: *De Letzburger* (1901/9/6), Jg. 9, Nr. 36, S. 4

Champ de foire.  
**Veuve Henri Lanser.**  
Grand Concert  
vocal et instrumental  
**TROUPE LITTY.**  
M. Litty vient d'engager des artistes de 1<sup>er</sup> ordre des Théâtres-Vaudeville de Paris et de Bruxelles. Chef d'orchestre: M. Léon Hance.  
Consommations de 1<sup>er</sup> choix.  
Champagne Mercier à 50 centimes la flûte.

An: *L'Indépendance luxembourgeoise* (1903/3/5), Jg. 31, Nr. 53, S. 3

**Café du Commerce.**  
Jouidi, 5 mars 1902  
**Soirée intime.**  
M. LITTY dans son nouveau répertoire Polin.  
Débit de l'excellente bière  
**SALVATOR**



Grouss Sträittheeme sinn en neit Schoulgesetz an deem d'Kierch mander Afloss huet, d'allgemengt Walrecht oder eent, just fir déi, déi e gewisse Seuil un direkte Steiere bezuelen an d'Fraerechter. D'Frae setze sech lues awer sécher a Beweegung, hir Stëmme ginn ëmmer méi haart.

„Jo, mir Fraen, mir Fra'n hunn zu Dag, ganz enersgesch op d'Been ons gemaach, a wat mir dann ereecht bis op haut, kuckt 'wéi mir gebaut. Geeschtech, kierperlech, alles ass do, mat dem Mann op dem selwechten Niveau“ ...

*Emanzipatioun* (Eugène Forman, 1912 – Franz Lehar)

An: *Luxemburger Bürger- und Beamtenzeitung* (1904/3/26), Jg. 6, Nr. 36, S. 3

**CASINO DE LA GARE LUXEMBOURG.**  
Dimanche, le 17 Mars  
**Grande Soirée extraordinaire.**  
Ouverture de la caisse: 7½ heures. Rideau: 8½ heures.  
**DISTRIBUTION:**  
Mademoiselle Georgette, Chanteuse de genre.  
„ Joanne, Comique. 2836  
„ Ninette, Genre Bob.  
Monsieur **HARRYSTO**, Chanteur typique.  
„ Raymond, Genre Dramatique.  
„ **MONDREL**, Le Zouave clairon, dans ses chants et sonneries militaires.  
„ Grand succès! Répertoire Monthés. Grand succès!  
**Le Clairon de malheur.**  
Monsieur **LITTY**, dans son répertoire parisien.  
„ Nouveau! **Duos et scènes militaires.** Nouveau!  
N.B. La Direction, désireuse d'offrir au public luxembourgeois une soirée unique, a engagé des artistes de renom, qui auront à cœur de faire passer à leurs spectateurs une soirée agréable et joyeuse. La Direction  
**Prix des Places:** Première 50 Pfg.; Deuxième 30 Pfg.

De Litty séngt zwee Lidder op enger éischer Lëtzebuerger Plack, enger Schellackplack an: *De Jummdeckel vum Cabinet* (oder *De Chapeau claue*) an *Daiwel an der Hell*. Bis haut konnten déi Opnamen nach net opgedriwwen ginn. Léif Frënn vu Floumaart a Brocante, haalt d'Aen op!

„Du goug e Liicht mir op am Kapp, ech kucken: Ënner'm Aarm, o je, hat ech amplaz mai Chapeau claue, de Jummdeckel vum Cabinet.“

*De Jummdeckel vum Cabinet (De Chapeau claue)* (onbekannt – Georges Urwald, 2023)

1909 taucht en aneren ‚Entertainer‘, den *Hauptmann von Köpenick* zu Lëtzebuerg op. Ob déi zwee sech vläicht begéint hunn? Méiglech.

1911 mécht den éischte Meedercherslycée seng Dieren op. E groussen Deel vun der Männerwelt ass éischer ‚onangeneem iwwerrascht‘, gesi si dach weiderhin d'Roll vun der Fra op anere Plazen ewéi an enger Schoul am Latäinscours.

„Mécht dat iech dann net rosen? Amplaz, dass si sech fein bekëmm'ren ëm hir Zosen, 'lo léi're si Latein. Amplaz hiert Kand ze wéien, amplaz ons flaisseg Knäpp u Box an Hiem ze néien, zerbrieche si sech d'Käpp“ ...

*Géint de Meedercherskolléisch* (Batty Weber, 1910 – trad.)

1912 kënn dann och dat neit Schoulgesetz. Doranner heescht et ënnert anerem: 't ass net méi de Paschtouer, deen den Enseignement iwwerwaacht. D'Maximalzuel vu Schüler pro Klass gétt op 70 erofgesat. Sengen, Turnen, Zeechne kommen als nei Fächer derbäi. Lëtzebuergeresch gétt Pflichtfach.

An der Tëschenzäit léiert de Litty d'Kënschtlerin Pauline Blomier vu Metz kennen, mat där hie sech am Joer 1913 bestuet, nodeems hie vu senger éischer Fra Maria gescheet gouf.

„Owes spéit am Liichteschain, do geet et sech zu zwee eleng 'sou fein. Schéngt de Mound ons dann ze hell, da, gleef mir mai Kand, verstoppe mir ons schnell“ ...

*Verloosst* (Louis Petit, 1917)



Vill jonk Meedercher ginn als Déngschtmeedercher an d'Ausland, op Bréissel oder op Paräis ‚studéieren‘, fir d'Sprooch, fir aner Gebräicher kennenzeléieren oder fir vläicht de Mann fir d'Liewen ze fannen. Si bréngen dacks nei Iddien oder eng nei Moud mat zréck op Lëtzebuerg, wat an den Dierfer awer net ëmmer gutt ukënnt. Och de feine franséischen Accent bréngen si no Joren oft mat heem, iwwert dee sech d'Duerfgesellschaft gären alt emol lëschtég mécht.


„Pardon excuse, wann ech net gutt méi Lëtzebuerge schwätz, wann op der Zong sech net méi dréit déi Wieder an déi Sätz. Ech kommen aus dem Frankraich grad 'lo à l'instant erëm, den Accent ass sech ganz franséisch, den Toun och an der Stëmm“ ...

*Vu Parais erëm* (Poutty Stein – Louis Beicht, 1915)

De Litty léiert d'Bünekënschtlerin Victorine Chalois kennen. Hatt ass 23 Joer méi jonk ewéi hien an nennt sech ganz einfach Bobby, burschikos, am ‚costume marin‘, ‚un vrai gavroche parisien‘. Op der Bün versti si sech gutt. Als Duo Litty & Bobby gi si séier queesch duerch d'Ländche beim Publikum beléift.

„Kuckt, 'wéi Jänni a Männi laachen, wa mir zwee eis Dommheete maachen. Kuckt, 'wéi Raum an Zait verschwannen, wa mir zwee nei Schnoken erfannen“ ...

*Bobby, reech mer nach eng Kippchen* (Georges Urwald, 2021)



an: *Luxemburger Bürger- und Beamtenzeitung* (1913/8/23), Jg. 15, Nr. 102, S. 4

Music-Hall  
Tony JENTGEN-FLIES.

Litty, directeur. 1909.  
Regie: Auguste Kind.  
Grand Orchestre, sous la direction de Willy KIND.

- M<sup>lle</sup> PAULETTE STÉPHANI, Chanteuse de genre.
- M<sup>lle</sup> ANNY COPPENS, Klavierstabilierin.
- Les VERRYS POUR (éventuels), Knechtsteden.
- M<sup>lle</sup> BOBY: Le vrai gavroche parisien, français et luxembourgeois.
- LITTY, dans son répertoire français, en mat sengen neien Lëtzebuerger Repertoire.
- The SAXON GIRLS, dans leurs anglaises excentriques.
- AUGUSTE KIND, comique excentrique français et luxembourgeois.
- Les COPPENS, original mélange act.
- Les LITTY'S, dentistes.
- GEORGES HUTT, comique typique. — Bien connu du public luxembourgeois.
- GUERRERO, troupe d'acrobates mexicains.

Décors par Jules Van Dievoet.

La quête sera supprimé les grands jours de la foire et remplacée par un droit d'entrée de 12 1/2 centimes.


Bière de la Brasserie: HENRI FUNCK & Cie, Neudorf.

## 1914-1918

1914 gëtt Lëtzebuerg vun Däitschland iwwerfall a besat. Den Éischte Weltkriich brécht aus: „Héiert dir Bumm, bumm, d’Kanounen ‘wéi se schéissen!“ (aus: *Kettenhändler & Cie* vum Poutty Stein) Ons kleng Arméi huet deem net allze vill entgéint ze setzen: „Mir hu keng Bataillounen an nëmmen drai Kanounen, zwou schéissen op de Kinnekstag an hu kee Mënsch nach dout gemaach, déi drëtt dervun déi rascht, well s’ass scho laang gebascht!“ (aus: *Ons Arméi* vum Michel Lentz)

„Vive ons Arméi an ons Kanounen, vive onse Speck, ons Gaardebounen, sot, si mir da keng aartlech Däpp mat onse blénk’ge Knäpp“ ...

*Vive ons Arméi* (Guill Lauff, 1913 – Harry Fragson)



D’Zirkulatioun vu Liewensmëttel ass am Kriich erschwéiert. Si gi séier rationéiert. D’Schmuggler kréien hire groussen Optrétt. Si verdénge gutt, esou gutt, datt de Kriich aus hirer Siicht nach roueg e bësselchen undauern dierft! Well: „Si hu Geld!“



„t ass ‘lo kaum e Joer, du hunn ech ugefaangen, ‘ch hat kee Su, ‘ch wosst kee Su, ‘ch wor ‘sou grad à bout. Du sinn ech eng Grëtz dorëmmer schmogg’le gaangen, Vei a Leit, Zwiier an Hait, Kaffi, Wichs a Seid. Haut sinn ech Här, d’Scheefchen ass am Rengen“ ...

*Kettenhändler & Cie* (Poutty Stein, 1915 – Albert Chantrier)



Ob Kriich, ob Geld, ob Mann, ob Fra, de Poutty Stein, de Papp vum Lëtzebuenger kabarettistesche Chanson, hält seng spëtz Gedanken zur Politik a Gesellschaft a sâi Spill mat Alldagssituatiounen a sengen Texter fest a beliwvert de Litty äifreg mat den neiste Chansonen. Mee de Poutty ass net eleng. Et ginn nach aner ‚Spëtz-bouwen‘: de Jempy Welter, de Batty Weber, de Sepp Thill oder de Max Duchscher, kuerz: de Poutty, de Jempy, de Batty, de Sepp an de Max! Hir Texter gefalen natierlech net jiddwerengem, virun allem net deenen, déi der permanent op den Deckel kréien, ewéi d’Kierchevertrieeder, d’Fonctionnairen oder gewësse Politiker. Kleng Liddercher mat grousser Wierkung.

„Munch witzeg Zeil, munch freche Vers, schrouwen d’Bouwen am Café d’Commerce, gär mat Bëss, ‘t ass e Klacks, de Poutty, de Jempy, de Batty, de Sepp an de Max. Stroph fir Stroph, Lidd fir Lidd, huele si un d’Rei, wat grad geschitt, ecken un, nawell dacks, de Poutty, de Jempy, de Batty, de Sepp an de Max“ ...

*De Poutty, de Jempy, de Batty, de Sepp an de Max* (Georges Urwald, 2015)

Am zweete Kriichsjoeer stierft den éierewäerte Staatsminister Pol Eyschen (1841-1915) iwwerraschend, nodeems hien ëmmer erëm probéiert hat, fir sâi Land am schreckleche Kriichspill an eng méiglechst gutt Positioun ze bréngen.



Bei sengem Nofollger, dem Hubert Loutsch (1878-1946), besteet d’Regierung nëmmen aus Membere vun der Rietspartei, an der Chamber hat de Lénksblock awer d’Majoritéit. Also nach emol vu vir. An der nächster Regierung Loutsch huet de Rietsblock nach ëmmer keng Majoritéit an der Chamber. Geet also nach ëmmer net. D’Lompe sténken. D’Fatze fléien. De Loutsch kritt d’Vertrauen ofgesprach. De Victor Thorn (1844-1930) gëtt sâin Nofollger.



„An du gong et bi-ba-batschdeg, an du krouch kerr'dji-dja-djäss, de Minister ri-ra-ratschdeg, 'wéi ee seet, eng déck an d'Schnëss“ ...

*Li La Loutsch (Poutty Stein, 1916 – Paul Lincke)*

Fir d'Aarbechts- an d'Liewensconditioune vun de ville Minnen- aarbechter ze reguléieren an ze verbesseren, bilde sech dem Krich zum Trotz, am Joer 1916 endlech Gewerkschafts- an Aarbechterverbänn: de *Berg- und Hüttenarbeiterverband* oder de *Luxemburger Metallarbeiterverband*.

Alles dat matten am Krich. De Litty an d'Bobby sangen iwwert déi flott *Hechtercher aus der Stad*, iwwert d'gutt Wiertsfra vu *Bireldeng* oder iwwert gelunge Meedercher ewéi d'*Ugénie* oder d'*Triny* a bréngen esou d'Vollek fir eng Zäitchen op aner Gedanken. Queesch duerch d'Land suerge si fir gutt gefüllte Säll.

an: *Obermosel-Zeitung* (1916/3/31), Jg. 37, Nr. 26, S. 3



„D'Hechtercher aus der Stad, tipptopp eraus gemat. Hu si och d'Schoulbicher nach ënn'rem Aarm, da gi si ronderëm d'Hierzer scho waarm“ ...

*D'Hechtercher aus der Stad (Louis Petit, 1915 – Vincent Scotto)*



An dann déi Lidder, bei deenen déi zwee een, wann net esouguer zwee Aen zougedréckt hunn. An déi Liddercher hunn deemools schonn de gréisste Succès kann. An dobäi ginn de Bauereknuet an dem Pire Misch säi Marei dach just hirer Aarbecht no.

„An der Scheier 'leng zu zwee, kee Mënsch huet si gesinn. Hien huet d'Kuerbel voll gemeet an hatt dréit d'Dreschmaschinn“ ...

*D'Dreschmaschinn (Tony Hurst – Louis Lust)*

An: *Escher Tageblatt* (1917/8/11), Jg. 1917, Nr. 223/224, S. 4



Besonesch op de Kiermessen hu gewësse Situatiounen och Texter a Liddercher motivéiert. De Léon Moulin erënnert sech: „Fréier op de Kiermessen hunn d'Duerfjungen et fir der Jomer net gir gesinn, wa Stiets- oder Nopeschduerfjungen ze dack mat deene schéinste Medercher gedantz hunn. Uuu, da wor huerteg d'Feier am Daach, an et gouf Kläpperei. Fir dem Streit da lass ze ginn, kouw de Wiert mam Kautschuswupp, huet dem Straitmëcher der e puer iwwer de Rosch gebootscht an en zur Dier ausgelicht. Aus enger Kiermes-kläpperei huet e Schnokert d'Lidd vum Kautschuswupp gemaacht, dat vum Litty gesongen, ageschloen huet ewéi Blëtz mat Klëppelsteng ...“ (Moulin, Leo: *De Variété-Artist 'Litty'* an: *Eis Sprooch*, XIII. Joer, 1974, Nr. 5, S. 4.)

„Knatsch, hate si sech scho beim Hals, a knutsche sech, krënondikass. Do hält den Nick de Kautschuswupp a mécht derbai, o nondischlupp“ ...

*De Kautschuswupp (onbekannt – Jules Vercolier)*

De Litty an d'Bobby trieden eben op deene Plazen op, wou d'Leit gären higinn. Oder, d'Leit gi gären dohinner, wou si optrieden: si si Plack, Kassett, CD, MP3, Kino a Fernsee an engem.

Als fest Instanz trieden de Litty oder den Duo Litty Bobby an engem vun de villen Etablissementer vum Pappa Amberg op: am Vieux Luxembourg, an der Villa Amberg am Stadpark, Beim Amberg, am Café Amberg, am Concert Amberg, am Chicago oder dem Casino op der Gare, beim Amberg op der Schueberfouer, a wéi se nach all geheescht hunn ... esouguer zu Bréissel dirigéiert deen Amberg, Adolphe Amberg (1864-1935) e Café-Restaurant. Hie schreift och selwer Gedichter a Lidder, eng Parti Revuen an hält reegelméisseg ënnerschiddlech Variétés-Gruppen op Lëtzebuerg: den Impresario vu Lëtzebuerg! Wéi de Papp, esou iwwregens och zwee vu senge Jongen, de Lucien an de Philippe: deen ee féiert de legendären Hotel Alfa an de Pôle-Nord, deen aneren ass Hotel-direkter zu Venedig, zu Jerusalem, zu Bréissel, zu Ostende an zu Luxor an Ägypten!

„De Pappa Amberg huet et spatz, hie weess, wat ukënn: Sport, Theater oder Jatts. De Pappa Amberg ass op Zack, hie weess, wat ukënn: Lack, Frack, Chapeau claque“ ...

*De Pappa Amberg (Georges Urwald, 2021)*



## 1919-1932

¶ Du sinn d'Amerikaner kommt, elauter frësch a flott tiptopp Gesellen, hir Musek huet duerch d'Stad getrommt, an d'Sonn déi laacht op hirem Hellem" ...

*D'Amerikaner (Guill Lauf – Louis Beicht, 1918)*

Mat den amerikaneschen Zaldote kommen nom Weltkrich nei an ongewinnte Kläng op Lëtzebuerg. D'Amerikaner nennen se ‚Jazz‘. Hei soe mer ‚Jatts‘. Alles, wat d'‚Doughboys‘, d'amerikanesch Fousszaldoten also, importéieren, gëtt Jatts genannt: déi neimoudesch Batterie esou gutt ewéi all neie Moudendanz. Deenen enge gefällt déi nei Musek, och well se fir d'Fräiheet steet, déi aner reege sech iwwert déi nei, schrecklech chaotesch ‚Antimusek‘ op. Dem Litty dierft se gefalen, och wann hien net méi zu de jéngsten Hechtercher gehéiert.

¶ Jazzband! Et geet duerch d'ganzecht Land. Mat Dëppen a mat Panen, fiert d'Trommelfell zu Schanen. Vu Musek keng méi Spuer, si maachen nëmmen duer" ...

*Jazzband (Guill Lauff – Pierre Faber, 1922)*

Déi eng kommen, déi aner ginn: esou och eis Groussherzogin Marie-Adelheid, si dankt of als Konsequenz vun hirer, 'wéi fonnt ginn ass, ze Besatzer frëndlecher Politik am Éischte Weltkrich.

Hir Schwëster Charlotte iwwerhëlt, och fir d'Monarchie ‚ze retten‘. Am Referendum vun 1919, ob Lëtzebuerg eng Republik sollt ginn oder un der Monarchie festhale sollt, entscheet sech de Lëtzebuenger mat grousser Majoritéit fir d'groussherzoglecht Haus. Am selwechte Joer gëtt d'allgemengt Walrecht ab 21 Joer agefouert a verännert vun elo un déi politesch Landschaft.

D'ekonomesch Stagnatioun zitt nom Krich hir Kreesser. 1922 siche Lëtzebuerg a seng belsch Nopere Stabilitéit an der ‚Union économique et monétaire belgo-luxembourgeoise‘. Och an der belscher Kolonie an Zentralafrika schaffen d'Belsch a Lëtzebuerg zesummen. Am *Luxemburger Wort* heescht et am Juli 1922: „La Compagnie du Chemin de fer du Bas-Congo au Katanga recherche actuellement pour les besoins de ses services au Congo-Belge, notamment au Katanga, des jeunes docteurs en médecine.“ Lëtzebuenger ginn ausgebild fir an der Kolonie ze schaffen. Domadder mécht Lëtzebuerg also direkt oder indirekt och mat, beim schrecklechen Énnerdrückungsterror vum belsche Kinnek a senge Leit am Belsche Kongo.



„Kanner, o Kanner, o quel malheur“, jäizen se am Pafendall. D'Stad Lëtzebuerg huet déifgräifend Sanéierungen decidéiert. Haiser sollen ofgerappt ginn. Virdu mussen d'Leit eraus. D'Madammen aus der Sichegaass sinn net d'accord an halen dergéint.

An: *De Gukuk* (1930/1/25), Jg. 9, Nr. 4, S. 3



¶ Wann dat elo nach laang 'sou viru geet, da bleift mer nach d'Nei Bréck. Blouss 't deet mer fir dat sëllech Schaffe leed a fir dat Raissen am Réck" ...

*D'Lidd vun der Faillite (Jempy Welter, 1933 – Werner Richard Heymann)*

¶ D'Regierung hat en Här geschéckt, ze kafen Haus fir Haus. An dat wor deem, wéi 't schéngt gegléckt, si mussen all eraus" ...

*D'Lidd vum Théiwesbuer (Fritz Weimerskirch – unbekannt)*

Och d'Kris an der Wirtschaft, an der Weltwirtschaft spëtz sech zou an ass net opzehalen. Si wäert e puer Joer méi spët, 1929, eskaléieren. Et trifft jiddwereen. Resignatioun a Verzweiflung brénge Privat- a Geschäftsleit op énnerschiedlech Iddien a Gedanken.

1923 huet de Litty alles gewisen a gesot, wat hien ze weisen an ze soen huet. Hien hält mat de Konschten op a mécht zu Munneref-Bad e klenge Restaurant op, eng Bodega *Chez Litty*. Wéint sengem Bekanntheetsgrad erwaart hie sech, datt de Buttek gutt leeft. Natierlech gëtt hei gesongen a musizéiert a Lëtzebuenger Spezialitéiten zerwéiert. Defteg, säftig, esou gëss de grouss a kräfteg.

An: *Escher Tageblatt* (1923/4/26), Jg. 1923, Nr. 97, S. 3




¶ Maja, 't gouf Bau'rentraipen, 't gouf Liewerknidd'len, Kuddelfleck an och Gehäcks. Duerno, fir de Mo ze stäipen, en Huesenziwwi, Fierkelsjelli gouf 't zu vreck" ...

*D'Lëtzebuenger Spezialitéiten (Auguste Donnen – René de Buxeuil)*

Dem Litty seng Plaz am Énnerhalungsgeschäft iwwerhuelen aner Entertainer, énnert hinnen d'Gebirder Housse, de Louis an de Pierli, de Straubejitzer, also de Coiffer Auguste Donnen oder den nach jonken Hary Haagen. Si schenken Drem a bespaasse Jonk an Al, Al a Jonk, ganz al an nach ganz jonk.

Donnen Housse, August, Louis, Pierli. Décke Kuss, nach e Lidd fir d'Kënni. Eent fir waakreg ze ginn, eent fir gutt gelaunt ze sinn. Eent fir Moien ze so'n, eent fir schlofen ze go'n" ...

Donnen Housse (Georges Urwald, 2021)



Mir sinn zwee dichteg Jongen, gebuer fir Musikant an 't gëtt ons nogesongen, déi g'lungenst aus dem Land. Dat kënnen mir scho fillen, wa mir e Concert ginn, well wa mir hei opspillen, da sinn all Hierzer hin" ...

Zwee gelunge Musikanten (Pierli Housse – trad.)

Am Joer 1923, wou de Litty d'Bün hannert sech léisst, also virun 100 Joer, kënnen och e bedeitende Lëtzebuerger Museker a Komponist op d'Welt, de Jean-Pierre dit Jempy Kemmer, de 'Leonard Bernstein vu Lëtzebuerg', wann der esou wëllt. Seng Chouer- an Orchestermusek, awer och seng Vinylhits an de 60er/70er Joren, virun allem an Zesummenaarbecht mam Texter Pir Kremer, si bis haut onvergiess.

1924 kënnen de Pierre-Toussaint Stefani, eise Litty mat senger Madamm, dem Pauline, an d'Stad zeréck. Si wunnen op verschiddenen Adressen, bescht Lag - op respektiv nieft der Plëss. „Déi lescht Joren“, esou de Léon Blasen, „wéi en an der Stad gewunnt huet, huet all Mënsch deen netten an adrette Litty kannt, obscho souzesoe kee wousst, wéi e mat sengem biergerlechen Numm géng heeschen. (...) So Papp, elo ass de Litty laanscht gaang, hien hat erëm eng Blumm am Knäpplach.“ (Blasen, Léon: *De Pierre-Toussaint Stefani genannt de Litty* an: *Télécran*, 31.5-6.6.1986, Nr. 22, S. 15)

Am Januar 1932 stierft de Litty un enger Blutvergiftung am Spidol um Fëschmaart. Hie gëtt um Nikloskierfecht um Lampertsbierg bäigesat. De Litty hannerléisst eng Fra, keng Kanner a virun allem vill schéin Erënnerungen.

D'Bobby stierft 93järeg am Joer 1988.

Pierre-Toussaint Stefani nennt mech keen am Grand-Duchi, mol eng Spiicht, mol e Lidd, d'Leit hunn ech zum Laache kritt!" ...

Du Litty do! (Georges Urwald, 2017)



An: *Escher Tageblatt* (1932/1/30), Jg. 1932, Nr. 25, S. 4

Sterbefälle.	
Esch-Alzette:	Frau Witwe Vict. Chavaroche-Beping, gest. zu Straburg, 64 J. alt; Begräbnis zu Sahl, Sonntag, 31. Januar, um 3.30 Uhr.
Esch-Alzette:	Frau Witwe J. Helgen-Paulus, 74 J. alt; Begräbnis Montag, 1. Febr., um 10 Uhr.
Luzemburg:	Pierre-Toussaint Stefani, gen. Litty, 60 J. alt; Begräbnis Samstag, 30. Januar, um 3.30 Uhr.
Luzemburg:	Mabelleine, Tochter v. M. Kraw-Krier, 7¼ Mon. alt; Begräbnis Sonntag, 31. Jan., um 3.30 Uhr.
Düdelingen:	Frl. Anna Kayfen, 25 J. alt; Begräbnis Sonntag, den 31. Jan., um 3.45 Uhr, ad Tattenberg.
Düdelingen:	Maisias Pantfisch, 40 J. alt; Begräbnis Sonntag, 31. Jan., um 3.15 Uhr.
Schüttringen:	Frl. Marg. Schmit, 36 J. alt.

An: *Jonghémécht* (1932/4/1), Jg. 6, Nr. 4, S. 29

† Die Toten der Heimat. †

An den Folgen einer Blutvergiftung starb am 28. 1. 32, im Alter von 60 Jahren Herr *Pierre-Toussaint Stephany* volkstümlich unter dem Namen *«de Litty»*. Der Verstorbene war eine stadt- und landbekannte Person gewesen, die in früheren Zeiten manchem eine frohe Stunde verschaffte, die zu ihren Glanzzeiten einfach nicht wegzudenken war, die in den trüben Tagen des Krieges, als ringsum die Grenzen gegen jede leichtgeschürzte Muse abgedichtet waren, half, den Kanonendonner vergessen.

In unserer Studentenzeit brachte «Litty» mit dem Brettstar «Bobby» (das Mädel war in Dommeldingen beheimatet, so ich nicht irre), sämtliche Primanerherzen in Wallung. Seine Chansons, soweit sie in Text (meist von Putty Stein, Guill Lauff) und Melodie original, konnten sich neben den Importwaren zeigen. Aber auch manches zweideutige, schlüpfrige Zeug, auf einschmeichelnde französische Weisen zurechtgestutzt, ist auf sein Passivum zu buchen.

Litty war ein froher Knabe, der in jungen Jahren schon die afrikanischen Kasernen der Fremdenlegion mit Theaterspiel und Chansons erheiterte. Als er dann wieder ins Land kam, war keine Amberg-Veranstaltung, keine Schobermesse denkbar ohne ihn und seine frohe Kunst. Den piou-piou machte er meisterhaft, den Chansonnier in Frack, Claque und Lack nicht minder, und so ein neues Couplet irgendwo entstand, trug er es vor wie ein «Montmartrois». Kein luxemburgisches Liedchen wurde gedichtet und vertont, das er nicht lanziert hätte. Sein Abgang von den Brettern und vom Brett führte ihn ins bürgerliche Leben, in dem er mit Ehren bestand; in Mondorf hielt er während vier Jahren die Bodega, in Luxemburg lebte er ehrsam und fleissig, nett und adrett, und mit ihm verschwindet ein Typus aus dem Vorkriegs-Luxemburger, der einer der sympathischsten war.

## En Deel vu Lidder a Lëtzebuerger Sprooch, déi de Litty noweislech gesongen huet

An deen näischnotz'ge Bléck am Gesiicht (Text: Poutty Stein / Musek: Louis Beicht)

Apache-Walzer (Text: Pol Clemen / Musek: *Valse des filles* - onbekannt)

Beim Marechen vu Bireldeng (Text: Poutty Stein / Musek: *Das war in Schöneberg* - Walter Kollo)

D'Hamstler kommen (Text: Poutty Stein / Musek: *Monsieur Trottin*)

D'Hechtercher aus der Stad (Text: Louis Petit / Musek: *Sous les ponts de Paris* - Vincent Scotto)

D'Lidd vum Kautschuswupp (Text: Litty (?) / Musek: *Peuple chante* - Jules Vercolier)

D'Lidd vun der Dreschmaschinn (Bau'relëift) (Text: Tony Hurst / Musek: *C'est ma belle amie* - Louis Lust)

D'Kettenhändler & Cie (Mir hu Geld) (Text: Poutty Stein / Musek: *Mais voilà* - Albert Chantrier)

D'Schwéiermamm (Text: Tony Hurst / Musek: *La valse à Julot*)

D'Wäschfraen (Text: Tony Hurst / Musek: *Amours de Trottins* - Borel-Clerc)

De Jhummdeckel vum Cabinet (De Chapeau claqué) (Text a Musek: onbekannt)

De Musti (Text: Poutty Stein / Musek: Jean Faber)

Dreierlee Freierei (En haarden, e breeden, e ronnen) (Text: Tony Hurst / Musek: *Elle a perdu son Zigomar* - Raoul Georges alias BACH)

Ech hunn dech gier (Text a Musek: onbekannt)

Eng Rees am Jangli no Mondorf (Text: Tony Hurst / Musek: *Marie, j'ai vu* - Eugène Gavel)

Ënnert der neier Bréck (Text a Musek: onbekannt)

Komm ech bestueden dech! (Text: Louis Petit / Musek: *Chansons en cœur*)

Léiwe klenge schwaarzen Domino (Text a Musek: Louis Petit)

Manyla (Text a Musek: Louis Petit)

Marjännchen (Text: Poutty Stein / Musek: *Aubade à Margarita* - Henri Piccolini)

Neen déi Schnëss (Text: Poutty Stein / Musek: *Marietta* - Alfred Baugé (Sterny), Arthur Courquin)

O, dee Bongen (Text: Tony Hurst / Musek: *C'est mon frère*)

Op der Schänzchen (Text: Poutty Stein / Musek: *Le grand frisé* - Léo Daniderff)

Rosalie (Text a Musek: Louis Petit)

Trara Trara (Solo fir Trombonn mat Klawéierbegleedong) (Text: Louis Petit / Musek: *Valse blanche*)

't wor dem Pitt net egal (Text: Tony Hurst / Musek: *La Polka des épaulettes* - Raoul Georges dit BACH)

Ugenie (Text a Musek: Louis Petit)

Verléift (Text a Musek: onbekannt)

Verloosst (Text a Musek: Louis Petit)

Vive ons Arméi (Text: Guill Lauff / Musek: *Notre Président* - Harry Fragson)

Vu Paräis erëm (Text: Poutty Stein / Musek: Louis Beicht)

Vum Daiwel an der Hell (Text a Musek: onbekannt)

Wat mir dru lait (Text: Tony Hurst / Musek: *Elle a perdu son Zigomar* - Raoul Georges alias BACH)

Wéi stëmmt et mat der Mënz (Text: onbekannt / Musek: *Prince Gavotte*)

Zigeinerblutt (Text: Tony Hurst / Musek: *Ballade bleue*)

Zigeinerléift (Text: onbekannt / Musek: *Sur la riviera* - Léo Daniderff)

Zimlabum (Text: Guill Lauff / Musek: *La fanfare des Cornards*)



Privatsammlung Guy Schons, an: *Poutty Stein und die populäre Musik seiner Zeit*, Band I, Luxemburg 1996, S. 24 (Litty), S. 57 (Bobby)



## Trio FLOTT

Joe Del Toe (Litty)  
Jacqueline Bischofsberger (Bobby)  
Georges Urwald (Gesank a Piano)

## Chouer vum Iechternacher Kolléisch

Direktioun: Monique Schumann

## Erzieler

Marc Linden

## Bobby Band

Tom Conrad (Akkordeon)  
Romain Boden (Bassgei)  
Guy Krier (Perkussioun)

## Liddertexter a Musek

Lëtzebuerger Lidder aus der Zäit  
Chouerarrangementer vum Jean-Marie Kieffer  
Nei Liddercher a Bobby Band Arrangementer vum Georges Urwald

## Projezéiert Illustratiounen

Andy Genen

## Historesch Berodung

Marc Schoellen

## Bléck vu Baussen

Milla Trausch

## Korrepetitioun

Monique Schumann a Georges Urwald

## Organisationscomité

Roger Recht, Guy Schartz, Frank Schmit, Monique Schumann,  
Georges Urwald

## De Chouer vum Iechternacher Kolléisch

Abens Fabienne  
Attanasio Sofia  
Balchin Alexandra  
Bausch Marcel  
Bergert Luca  
Bermes Monique  
Blard Alexandre  
Bodé Marc  
Bohnenberger Emile  
Bollendorff-Scharff Marion  
Bonert-Hansen Karin  
Brück Françoise  
Burdot Clara  
Burdot Yvan  
Casagrande René  
Costa Jessie  
Da Silva Afonso Fabio  
Delhez-Massard Véronique  
Di Bartolo David  
Doos Muriel  
Felten Lou  
Fetz Yann  
Godart Astrid  
Goebel Jeff  
Greisch Kim

Grosser Gerry  
Grosser Maren  
Hagen Ciaran  
Harpes Laura  
Hengel Kira  
Hoffmann Claudine  
Hoffmann Marco  
Holcher Noémie  
Hurson Charlotte  
Kersch Françoise  
Klees Yan  
Klein Michèle  
Klein Rosch  
Kohl Maria  
Kremer Paule  
Krippes Manon  
Kuffer Elodie  
Lengler Anik  
Linden Marc  
Meder-Deutsch Simone  
Medernach Nathalie  
Molitor Maurice  
Namur Danielle  
Nanna Franco  
Origer Marianne

Ostretsova Margarita  
Osweiler Claude  
Paulus Julie  
Pletschette Annick  
Pletschette Michèle  
Pletschette Simone  
Plonus Stella  
Poorters Claire  
Rausch Nico  
Recht Roger  
Reckinger-Ries Félicie  
Reuter Simone  
Ribeiro Paulos Amélie  
Sauber Norbert  
Schaack Olivier  
Schartz Guy  
Schiltz Anna  
Schiltz Anne-Catherine  
Schiltz Julie  
Schiltz Louise  
Schiltz-Miller Marie-Anne  
Schintgen Cynthia  
Schmit Frank  
Schroeder-Boulangier Sylvie  
Schumacher-Brentener Annemie

Shakh Louanne  
Siebenbour Robby  
Sinitsky Mikhail  
Spaus Patrice  
Spedener Caroline  
Spedener Claire  
Sunnan Pit  
Théato Gilbert  
Thinnes Christiane  
Tinoco Pereira David  
Tockert Mia  
Turk Carla  
Urwald Christiane  
Weber Lisa  
Weber Lynn  
Weber-Dostert Mariette  
Weber-Hansen Chantal  
Weckering Paul  
Weckering-Bailleux Françoise  
Weis Armand  
Weis Gaby  
Weis Emile  
Werdel Nic  
Weydert Marion

De Concert-Spektakel *Du Litty do!* gëtt ënnerstëtzt vun der Amicale des Anciens vum LCE, Boucherie/Partyservice Osweiler (Iechternach), Dépositaire Weber (Iechternach) a Party Rent Luxembourg (Iechternach).





**Editeur:** Bibliothèque nationale du Luxembourg (BnL)

**Redaktioun:** Georges Urwald

**Lektorat:** Claude D. Conter, Christine Kremer, Kim Krier

**Illustratiounen:** Andy Genen

**Historesch Berodung:** Marc Schoellen

**Grafik an Design:** Vidale-Gloesener, Jonglënster



**Redaktiounsuschrëft:**

Bibliothèque nationale du Luxembourg  
37D, avenue John F. Kennedy  
L-1855 Lëtzebuerg  
E-mail: cedom@bnl.etat.lu

**ISBN 978-99987-930-2-6**

© Bibliothèque nationale du Luxembourg 2023

All Rechter virbehalen



So Papp, elo ass de Litty  
laanscht gaang, hien hat  
erëm eng Blumm am Knäpplach.“

(Léon Blasen)